



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Éducation nationale,  
de l'Enfance et de la Jeunesse



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Culture

## Pressedossier



# Resultater vun den Online- a Biergerforen iwwer d'Lëtzebuerger Sprooch

10. Juli 2018

# Resultater vun den Online- a Biergerforen iwwer d'Lëtzebuenger Sprooch

An de leschte Joren huet d'Regierung vill Initiativen ergraff a Projeten ëmgesat, fir d'Roll vum Lëtzebuergeschen an der Gesellschaft ze stäerken an d'Promotioun vun der Lëtzebuenger Sprooch a Kultur kohärent an nohalteg ze sécheren.

## 1. Eng Demarche an dräi Etappen

Dës Fërderung vun der Lëtzebuenger Sprooch soll kuerz- a laangfristeg geschéien, virun allem an der Educatioun an an der Kultur, mee och an allen anere Beräicher vum ëffentleche Liewen. Aus deem Grond huet d'Regierung, ënner der Leedung vum Educatiounsministère a mat der Ënnerstëtzung vum Kulturministère, eng Demarche ausgeschafft, déi op dräi Piliere opbaut:

### 1. E Gesetz fir d'Promotioun vun der Lëtzebuenger Sprooch

De 27. Juni 2018 gouf an der Chamber d'Gesetz fir d'Promotioun vun der Lëtzebuenger Sprooch gestëmmt. D'Gesetz gesäit eng Partie Mesurë vir, déi d'Regierung am Kader vun der Strategie fir d'Promotioun vun der Lëtzebuenger Sprooch festgehalten hat. Konkret gëtt e Kommissär fir d'Lëtzebuenger Sprooch geschaf, deen zoustänneg ass fir en 20-Joresplang ronderëm d'Lëtzebuergescht, an dee vun engem interministerielle Comité begleet gëtt. Den Zenter fir d'Lëtzebuenger Sprooch gëtt geschaf a këmmert sech ëm d'Lëtzebuenger Sprooch an d'Sproochesituatioun zu Lëtzebuerg, an ëm d'Promotioun vum Lëtzebuergeschen national an international. De Conseil fir d'Lëtzebuenger Sprooch (*Conseil permanent de la langue luxembourgeoise - CCPL*), deen zanter 1998 besteet, kritt d'Missioun fir sech ëm d'Reegelen ze këmmere iwwer d'Schreifweis, d'Grammaire, d'Aussprooch an de gudden Gebrauch vum Lëtzebuergeschen. Et gi Präisser geschaf, z. B. e Concours fir Kannerliteratur an e Präis, deen aussergewöhnlech Meritte fir d'Lëtzebuenger Sprooch auszeechent.

### 2. TNS Ilres-Ëmfro iwwer d'Roll vum Lëtzebuergeschen an der Gesellschaft

Am Februar 2018 gouf eng grouss Ëmfro vun TNS Ilres gemaach, an där per Telefon an Internet Informatiounen iwwer d'Roll vum Lëtzebuergeschen an der Gesellschaft gesammelt goufen. D'Resultater vun der Enquête ënnersträichen déi ganz wichteg Roll vum Lëtzebuergeschen, esouwuel als Integratiounssprooch, ewéi och als Kommunikatiounssprooch, am Alldag an am Berufsliewen – an dat am multilingualen Ëmfeld, dat eis Land auszeechent.

### 3. Sproocheronnen.lu: Wat mengt dir?

Am Februar a Mäerz 2018 goufe Sproocheronnen organiséiert, bei deenen d'Awunner aus dem Land d'Méiglechkeet haten, aktiv iwwer d'Entwécklung vun der Lëtzebuenger Sprooch matzediskutéieren. Iwwer déi ganzen Zäit vun der Campagne konnt ausserdem jiddwereen

an dem Online-Forum [www.sproocheronn.lu](http://www.sproocheronn.lu) aktiv ginn, fir seng Meenung ze schreiwen a sech mat anere Bierger auszetauschen.

D'Proposen, d'Resultater an d'Commentairë vun dësen dräi Piliere sinn an der Publikatioun *Bierger – Gesellschaft – Politik: Eng gemeinsam Promotioun vum Lëtzebuergeschen* zesummegefaasst.

Déi 40 Mesurë vun der Regierung hirem Strategiepabeier gi verbonne mat de gesellschaftlechen Aussoe vun der TNS Ilres-Ëmfro an de Proposen a Léisungsvirschléi vun de Bierger aus de Sproocheronnen. Dës Publikatioun steet domadder fir eng ganzheetlech Strategie zugonschte vun der lëtzebuergescher Sprooch.

## **2. Biergerlech Dimensioun: d'Sproocheronnen**

D'Entwécklung vum Lëtzebuergesche geet dynamesch virun, grad och d'Etabléierung als Schrëftsprooch. Mee déi Entwécklung an den ëmmer méi staarke Stellewäert vum Lëtzebuergesche kann a soll och diskutéiert ginn.

Diskussiounen a Gedanken iwwer d'Sprooch sinn heefeg enk gekoppelt un d'Identitéit, also d'Bild, dat jiddweree vu sech selwer an deene ronderëm sech huet, vun der Gesellschaft, an där hie leeft. Aus dësem Grond goufen an der drëtter Phas vun der Campagne vum Educatiouns- a Kulturministère sougenannte Sproocheronnen organiséiert. Si sollten e Schrëtt méi wäit goen an all den Awunner, Lëtzebuurger wéi Netlëtzebuurger, e Sproochrouer ginn, an der Diversitéit vun der reeller Situatioun um Terrain Rechnung droen. Grad dann, wa vill verschidde Meenungen existéieren an openeentreffen, sinn d'Diskussiounen doriwwer an d'Ausernanersetzungen ëm déi verschidde Point-de-vuë wichteg.

Esou hunn d'Sproocheronnen en zousätzlechen Aspekt an d'Diskussiounen ronderëm d'Lëtzebuurger Sprooch erabruucht, no der politescher Positioun (mam Strategiepabeier an dem Gesetz) an no der Analys vun der gesellschaftlecher Meenung (TNS Ilres-Ëmfro).

### **Véier Biergeronnen uechter d'Land**

Tëschent dem 27. Februar an dem 20. Mäerz 2018 goufen op véier Plazen am Land Biergerforen organiséiert, an der Stad Lëtzebuerg, zu Esch-Uelzecht, zu Munneref an zu Dikrech. Op dëse véier Sproocheronnen haten d'Bierger d'Wuert a konnten hiert Uleies matdeelen. D'Diskussiounen goufen strukturéiert no Themeberäicher ronderëm d'Lëtzebuurger Sprooch: Educatioun, Kommunikatioun am Alldag, d'Roll an der Wëssenschaft.

### **En Online-Forum fir e konstruktiven Echange**

Vum 20. Februar bis den 31. Mäerz konnten interesséiert Bierger och an dem Online-Forum [www.sproocheronn.lu](http://www.sproocheronn.lu) aktiv ginn a sech mat anere Matbierger austauschen. Hei konnten si op verschidde Manéieren iwwert d'Sproochesituatioun ronderëm d'Lëtzebuergesch debattéieren.

Jidderee konnt sech op [www.sproocheronn.lu](http://www.sproocheronn.lu) registréieren an dann aloggen. D'Häerzstéck vum Site war den Online-Forum, deen an déi dräi Themen (léieren, schaffen, liewen) agedeelt war, déi och op de Biergerforen diskutéiert gi sinn.

Hei konnten d'Bierger sech an déi verschidde Foren eraklicken, sech alles ukucken, Meenungen ausdrécken, op aner Commentairë reagéieren a Propose liken.

### 3. D'Diskussiounen vun de Sproocherinnen op ee Bléck

Déi véier Biergerfore waren esou opgedeelt, datt noeneen dräi méi global Themen am Beräich vum Lëtzebuergesch an der Gesellschaft mat jeeeweils engem Expert diskutéiert goufen.

Dat éischt Thema war: **(Mat) Lëtzebuergesch léieren**

Bei dësem Thema konnt diskutéiert ginn, wéi Lëtzebuergesch an der Crèche, an der Grondschoul, am Lycée an an der Erwuessenebildung geléiert a gefërdert soll ginn. D'Participantë konnten Inhalter an Theme proposéieren, déi an de Schoule behandelt solle ginn. Si konnte Virschléi maachen, wéi d'Léiere vum Lëtzebuergesche fir auslännesch Kanner a Jugendlecher ka verbessert ginn.

Dat zweet Thema war: **(Mat) Lëtzebuergesch schaffen**

Hei konnt een diskutéieren, wéi Lëtzebuergesch am professionellen an ëffentleche Kader soll thematiséiert an ausgeschafft ginn. Dat betrëfft zum Beispill d'Fro, wéi een d'Sprooch a wëssenschaftleche Kontexter kann erfuerschen, mee och d'Reegelung vun der Schreifweis oder d'Fro, wéi Lëtzebuergesch an der Ëffentlechkeet ka visibel an accessibel gemaach ginn.

Dat drëtt Thema war: **(Mat) Lëtzebuergesch liewen**

An dësem Beräich gouf diskutéiert, wéi d'Lëtzebuenger Sprooch am méisproochegen Alldag soll agesat ginn a wou Kommunikatiounsproblemer virleien. Hei war den aldeegleche Gebrauch vum Lëtzebuergesche vun Interessi, awer och de kulturellen Aspekt vun der Sprooch. Meenungen an Erfarunge vun allen Alterskategorië goufe gelauschert, fir méiglechst vill Perspektiven ze sammelen.

#### Am Resumé:


- Iwwer 150 interesséiert Biergerinnen a Bierger hu sech aktiv un de Sproocherinnen bedeelegt.
- Iwwer 100 konkret Proposen, déi zur Fërderung vum Lëtzebuergesche solle bäidroen, sinn op [www.sproocheronn.lu](http://www.sproocheronn.lu) erakomm. Dobäi kommen iwwer 1000 Likes, déi eng Zoustëmmung vun den eenzele Proposen ausgedréckt hunn.
- Wat d'Theme vun de Biergerinnen an dem Online-Forum betrëfft, stellt een eng grouss Unzuel vun Iwwerschneidunge fest.
- Alle véier Diskussionsowender sinn illustratoresch zesummegefaasst. D'Resultat dovu gesäit een op den nächste Säiten.

Den Detail vun de Proposen a Commentairen aus de Sproocherinnen ass nozeliesen an der Publikatioun *Bierger – Gesellschaft – Politik : Eng gemeinsam Promotioun vum Lëtzebuergeschen*.

Si wäerten elo dem Zentrum fir d'Lëtzebuergesch virgeluecht kënnen ginn, als Basis a Pisten, fir mat an den 20-Joresplang iwwer d'Lëtzebuenger Sprooch afléissen ze loossen.

ESCH UELZECHT  
08.03.2018


# LÛTZEBUERGESCH *an der* GESELLSCHAFT






\_DIKRECH\_  
\_20.03.18\_

# LËTZEBUERGESH *an der* GESELLSCHAFT



# LÉTZEBUERGESH an der GESELLSCHAFT

STAD LÉTZEBURG  
27.02.2018



MUNNEREF  
15.03.2018

# LËTZEBURGESC an der GESELLSCHAFT

